


+352 463745

adrALTERNATIV DEMOKRATISCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire



Här Laurent Mosar
 President vun der Deputéiertechamber
 19, Um Krautmaat,
 L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2011

Här President,

esou wéi de Reglement vun der Chamber et virgesäit, géing ech gär der Madame Kulturminister eng parlamentaresch Fro stellen, an zwar iwwer eng elektronesch Versioun vun deene Bicher, déi zu Lëtzebuerg eraus kommen.

An deenen leschte Joere sinn op internationalem Plang déi elektronesch Bicher ëmmer méi opkomm, och wann d'Zuel an d'Qualitéit vun den disponibelen Titelen leider nach net ëmmer den Uspréich vu ville Leit duer ginn. Verbessert huet sech virun allem Lieserlechkeet an Maniabilitéit vun der elektronischer Haartwuer. Et kann een et och nëmme begréissen dat déi lëtzebuerger Editeuren a Bicherhändler sech mat den aktuellen Entwécklungen an der Elektronik intensiv beschäftegen, och well si verstan hunn dat d'Zukunft vum lëtzebuerger Buch net méi kann onofhängeg vun esou Tendenze gesinn a geplangt ginn.

Et wär dofir sécher schéin, wa Lëtzebuerg och an der Iwwerdroung vu senger Literatur an aneren, interessante Publikatiounen op elektronesch Datewuer eng féierend Positioun kéint anhuelen. Vläicht wär et esouguer ze wënschen, wann eng elektronesch Versioun vun engem Buch ëmmer zum selwechten Ament wéi seng Versioun op Pabeier kéint erauskommen.

Dowéinst wéilt ech d'Madame Minister froen:

- 1) Ob de Kulturministère eng systematesch Iwwerdroung vun alle Bicher déi op lëtzebuergesch eraus kommen, respektiv déi an der Vergaangenheet schonns erauskomm sinn an eng elektronesch Versioun wéilt ënnerstëtzen?
- 2) Ob en zu dem Zweck Kontakter mat allen Interesséierten oder Betraffenen opgehall huet, fir ze kucken a wéi enger Form de Staat sollt a kéint esou eng Initiativ ënnerstëtzen, besonnesch och wat déi technesch a kommerziell Aspekter ugeet?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
 Député